



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir bannenzeg Sécherheet a vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°7948 vum 28. Abrëll 2023 vum Här Deputéierten Fernand KARTHEISER.

Den honorabelen Deputéierte freet no Informatiounen iwwert d'Afféierung vun engem automateschen Zougréff fir d'Police op en digitale Versécherungsregister, deen iwwer de Versécherungsstatus vun den Autoe mat Lëtzebuurger Placke renseignéiert.

Well een op eng Digitalisatioun vun der Immatriculatiounsprozedur hin schafft, mee sech awer och op eng zukünfteg Kooperatioun um Niveau vun de Memberstaate vun der Europäescher Unioun well virbereeden, ass am Kader vum Projet de loi n°7985 an engem Projet de règlement grand-ducal virgesinn dat en Datenaustausch betreffend zu de Versécherungsinformatiounen soll stattfannen.

Dës zwee Projeten, déi sech aktuell um Instanzewee befannen, gesi vir dat eng "banque de données relative à l'assurance automobile des véhicules routiers" ugeluecht gëtt an datt Membere vun der Police kënnen, am Kader vun hire Missiounen, vun der SNCA elektronesch matgedeelt kréien ob en Versécherungskontrakt fir en gewëssenen Auto ofgeschloss gouf an ob dësen nach valabel ass. Déi Informatioun aus der Datebank kann och, ënner verschiddegen Ëmstänn, un d'Agente vun der Administration des douanes et accises, d'entreprises d'assurances autorisées, de Fonds de Garantie Automobile, an de Bureau luxembourgeois gi ginn.

Fir béid Projete goufen am Laf vum Mount Mee 2023 Amendementer virbereet an et gëtt de Moment op en zousätzlechen Avis vum Staatsrot an de verschidde Chambres professionnelles gewaart.

Lëtzebuerg, den 29. Juni 2023

De Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri Kox